

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Aktuell gëtt am Ministère un engem Gesetzesprojet fir de Contournement vun Housen geschafft.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :*

- *Kann den Här Minister soen, wou d'Aarbechten um Projet de loi dru sinn ? Wéini wäert en an der Chamber kënnen deposéiert ginn ?*
- *Wéi eng weider Analysen oder Studie missten, ënner Ëmstänn, nach gemaach ginn, fir de Gesetzesprojet kënnen ze finaliséieren ?*
- *Ass den definitiven Tracé scho festgeluecht ?*
- *War schonn eng Versammlung mat de Proprietäre fir hinne verschidden Detailer z'erklären, virun allem wat den Agrëff an hiren Terrain ubelaangt an déi ekologesch an hydrologesch Konsequenze vun den Aarbechte betrëfft ?*
- *Rezent goufen Hecke laanscht engem vun de méiglechen Tracéë wechgemaach. Kann den Här Minister informéieren, ob eventuell scho verschidde Virbereedunge fir de Chantier ugefaange gi sinn ?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Goufen d'Proprietären schonn iwwer déi archeologesch Fouillen informéiert ? »*

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER  
Deputéierten